Bréiftréiesch Tunn

(Am) (F)
Kennt dir all onse Bréiftréier den Tunn
(C) (D)
E fänkt Moies ganz frei mat der Aarbecht un
(Am) (F)
Dann sin d'Kaffien nach all zou an de Stroossen ass keen
(C) (D)
just hien trëppelt eleng duerch de Reen

(Am) (F)
De ganzen Daag ass hien um Tuer
(C) (D)
2 Puer Schong d'Joër gi bestëmmt nët duer
(Am) (F)
e geet gewëssenhaft vun Haus zu Haus
(C) (D)
Op bei Sonn oder Keelt hien muss ëmmer eraus

(F) (C) (G) (Am)
Tunn rapp un Tunn gëff dech endlech emol drun
(G) (Am) (C) (Em) (G)
Hues du nët an der Hollerecher Strooss d'Nummer 123 ausgeloos

(Am) (F)
mol bleist de Wand ëm riit an d'Gesiit
(C) (D)
den Tunn deen huet ët nët ëmmer liit
(Am) (F)
mol gët opgerappt, e sprengt iwwert e Gruef
(C) (D)
mol packt e knapp sein schweieren Kuerf

(Am) (F)
den Tunn ass den Abiter, en ass ëmmer fair
(C) (D)
beim Spill tëschent Expéditeur an Destinataire
(Am) (F)
dofir gët en sech sou fuerchtbar drun
(C) (D)
mat him kënnt sëcher all Bréif un

(C)
Bréiwer, Reklammen, Rechnungen
(Am sus6)
Päckelecher, Kaarten an Zeitungen
(Em sus3)

Tunn, Tunn sief dach leif
(G)
a bréng mier e scheine Bréif

(C)
Internet, Fax an Telefon
(Am sus6)
Televisoun, Telegramm a GSM
(Em sus3)
brauch een alleguerten nët
(G) (Am) (G)
esou laang ewei ët ons Post gët
(G) (Am) (G)
esou laang ewei et onsen Tunn gët
(G) (Am) (G)
esou laang ewei ët e P an P a T gët

(Am) (F)
Trëppel, trëppel, trëppel vu boîte zu boîte
(C) (D)
Trëppel, trëppel, trëppel vu boîte zu boîte
(Am) (F)
Trëppel, trëppel, trëppel vu boîte zu boîte
(C) (D)
Trëppel, trëppel, trëppel vun boîte zu boîte, vu boîte zu boîte

(F) (C) (G) (Am)
Tunn rapp un Tunn gëff dech endlech emol drun
(G) (Am) (C) (Em) (G)
Wars du haut erem zevill faul gët ët elo keng Post an der Piffkaul

(F) (C) (G) (Am)
Tunn rapp un Tunn gëff dech endlech emol drun
(G) (Am) (C) (Em) (G)
Hunn die Hären vum Krautmaart dech ërem domm ugemaacht

Akkorden:
(C) = Do, (D) = Re, (Em) = Mi mineur, (F) = Fa, (G) = Sol, (Am) = La mineur
(Em sus3) an (Am sus6): d'Solnout op der heiger Mi Saeit (um 3. Bond) spillen
Akkordtechnick: Stroof a Refrain schruppen, speziellen Deel ë bëssi Picking